



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
14 SEP 2018
4040

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, 2
Référence: 602/2018
18 SEP. 2018
A traiter par: Härr Marius di Bartolomeo

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. September 2018

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës urgent parlamentaresch Fro iwwert déi afrikanesch Schwengspescht un den Här Landwirtschaftsminister an d' Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Zu Etalle bei Arel gouf kierzlech déi afrikanesch Schwengspescht nogewisen. Bei de lëtzebuerger Schwengsbauerer herrscht dofir eng grouss Onsécherheet. Fir op Problematik hinzewiesen haten déi betraffe Bauerer eng Reunioun mam Här Landwirtschaftsminister wou och no konkrete Mesurë gefrot ginn ass. Laut mengen Informatiounen wier nach ëmmer kee konkreten Aktiounsplang do fir géint Schwengspescht virzegoen

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froen stellen.

- Kann den Här Minister dëst bestätegen ?
- Wa jo wat ass de Grond firwat et kee konkreten Aktiounsplang gëtt?
- Wa neen, wéi geseit den Aktiounsplang aus?
- Ass et wahrscheinlech datt Krankheet duerch e Wëldwiessel vu Polen an d'Belsch komm ass oder éischer iwwer een aneren Wee?
- Sinn präventiv Mesuren am Beräich vum Transport (Déieren, Fuddermëttelen, Kadaveren)zB durch obligatorisch Desinfektiounen geholl ginn ? Wann jo - wéi eng?
- Riskéiert de Fall vun Etalle direkt Konsequenzen op eis Betriber a punkto Verkaf vun Déieren an d' Ausland respektiv op den Transport vun Déieren innerhalb vum Land ze hunn ?

Aktuell ass d'Naturverwaltung derbäi verschidde Freilandhaltungsprojéit'en vun Hausschwäin, eng interessant Alternativ, ze entwéckelen.

De Risiko vun enger Kontaminatioun mat der afrikanesch Schwengspescht mat Wëldschwäin ass bekanntlech bei Freilandhaltung däitlech méi héich, wéi bei geschlossene Schwengsbetriebe. Laut mengen Informatiounen befannen sech zwee vum Staat initiéiert Projéit'en manner wéi 3 km ewech vun existente haaptberuffleche Schwengsbetriebe.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister an der Madamm Ëmweltminister folgend Froen stellen



- Wéi grouss schätzt d' Mme Minister, den Här Minister de Risiko an d' Gefor an , wann esou Projet'en manner wéi 3 km ewech vun deene Betriber initiéiert? Beim Ausbroch an Constat vun der afrikanescher Schwengspescht mussen bekanntlech all Hausschwäin an engem Rayon vun 3 km gekeult ginn.
- Wat geschitt mat den aktuellen Projet'en no Ausbroch vun der afrikanesch Schwengspescht an der Grenzregioun? Ginn sie weider verfollegt? Wéi kann een den Risiko reduzéieren?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Députéiert



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 14 septembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 4040 du 14.09.2018 de Madame la Députée Martine Hansen - Peste porcine africaine

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Selon les dispositions de l'article 84 de notre règlement, l'urgence n'a pas été reconnue, de sorte que ladite question est à considérer comme question écrite, conformément aux dispositions de l'article 82.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.


Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés



Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs et de Madame la Ministre de l'Environnement à la question parlementaire n°4040 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen.

Zu Etalle bei Arel gouf kierzlech déi afrikanesch Schwéngspescht nogewisen. Bei de lëtzebuerger Schwéngsbauerer herrscht dofir eng grouss Onsécherheet. Fir op Problematik hincweisen haten déi betrafte Bauerer eng Reunion mam Här Landwirtschaftsminister wou och no konkrete Mesurë gefrot ginn ass. Laut mengen Informatiounen wier nach ëmmer kee konkreten Aktiounsplang do fir géint Schwéngspescht virzegoen.

Zum Zäitpunkt wou dës Äntwert verfaasst gouf, sinn an der Belsch an der „Forêt d'Etalle“ 70 Fäll vun Afrikanescher Schwéngspescht confirméiert. Zenter dem éischte Fall an der Belsch hate mir hei zu Lëtzebuerg eng ganz Partie Aktiounen fir op d'Problematik hincweisen: 2 Points de presse, eng ganz Rei Reunionen mat Verrieder vum Landwirtschaftsministère an den zoustännege Verwaltungen (Administration des services vétérinaires an Administration de la nature et des forêts), eng Reunion vun der „Task Force ASP“ an eng Reunion mat de Jeeër aus der Iwerwaachungszone.

Wat d'Pläng ubelaangt, hu mir der esouguer 2: e „Plan d'urgence“, dee vun der Europäescher Reglementatioun virgesinn ass fir de Fall wou mir e Fall vu Schwéngspescht an engem Schwéngsbetrieb feststellen, an e „Plan de vigilance“ fir d'Iwwerwaachung vun de Wëllschwäin, deen no der „Task Force ASP“ vum Februar 2018 iwwert de Summer ausgeschafft gouf. Fir dee wichtegste Punkt vun der Détection an der Analyse vun kranker Wëllschwäin a Kadaver ofzeddecken, schaffen d'Naturverwaltung an d'Veterinärverwaltung enk zesammen; d'Leit si forméiert an ekipéiert.

D'Hypothese, dass d'Krankheet iwwert Wëldwiessel vu Polen an d'Belsch kimm ass, kann een ausschléissen, well e Wëllschwäin, wat sech a Polen ugestach huet, de Wee bis an d'Belsch net packe kann, well d'Krankheet am Zäitraum vun e puer Deeg déidlech verleeft.

Eng indirekt Kontaminatioun, z.B. dass infizéiert Fleeschreschter aus engem vun den infizéierte Länner an d'Belsch kimm sinn an do vun engem Wëllschwäin opgeholl goufen, oder à la limite, wi et insinuéiert gouf, dass krank Wëllschwäin aus Polen an der Belsch lafe geloss gi sinn, ass wesentlech méi wahrscheinlech.

Präventiv Mesuren fir ee Verschleefe vu Krankheeten ze evitéieren mussen ëmmer respektéiert ginn. Bei der afrikanescher Schwéngspescht mussen déi Mesuren awer verschärft respektéiert ginn, an dëst op de Betriber, an de Schluechthaiser a virun allem beim Transport vu liewege Schwäin.

De Fall vun Etalle huet keng direkt Konsequenzen a Punkten Verkaf vun Déieren an d'Ausland an op den Transport hei zu Lëtzebuerg. Et ass awer esou, dass am Fall vun enger Detektioun hei am Land dëst direkt an indirekt ekonomesch Konsequenzen op déi national Schwéngsproduktioun wäert hunn, déi am Moment schwéier ofschätzbar sinn.

Momentan sinn zwee Pilot-Projete vun Fräilandhaltung vu Schwäin vun der Naturverwaltung ënnerstëtzt ginn, dëst an enker Zesummenaarbecht mat der Veterinärverwaltung. Beim ausschaffe vun dëse Projeten ass d'Méiglechkeet vum Optriede vun der Schwéngspescht natierlech mat a Betruecht geholl ginn, an d'Virgabe vun der Veterinärverwaltung si strikt agehale ginn: sou ass notamment en duebelen Drot (mat engem Ofstand vun 1 Meter) obligatoresch, fir de Kontakt tëscht Wëll- an Hausschwäin ze verhënneren.

Kee vun dëse Projeten läit an der aktueller „Zone de surveillance“ fir d'Afrikanesch Schwéngspescht. Et ass och momentan just ee vun deenen zwee Projete schonn ëmgesat, zu Pëtscht. Dëse Projet ass am Rayon vun 3 km zu engem Schwéngsbetrieb. De Responsabele krut geroden d'Schwäin elo dobannen ze halen, bis d'Situatioun an der Belsch méi kloer ass. Beim zweete Projet zu Ruedt-Ell, den nach net ëmgesat ass, ass ee Schwéngsbetrieb no bäi, de Bedreiwler ass dee selwechten. Hie krut natierlech och geroden d'Schwäin elo nach net eraus ze setzen.
